1-2021-0-?-7165-01 (n°3894)

ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Tratten, den 9. Juni 2022

Projet de loi N°8010

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Regierung am Kader vum Covid-19 e Conseil scientifique domat beoptraagt huet, fir Recommandatiounen am Hibléck op d'Corona-Situatioun auszeschaffen;
- de Conseil scientifique aktuell aus Medezinner, methodologeschen Experten an engem Representant vum Contrôle médical de la sécurité sociale besteet;

ass sech bewosst, datt

- d'Covid-Mesuren an der Vergaangenheet ganz komplex Konsequenzen an Auswierkungen op déi ganz Gesellschaft haten, net nëmmen am Hibléck op de Fonctionnement vum medezinesche Secteur;
- d'Covid-Mesuren z.B. och den Aarbechtsmarché, grouss Deeler vun der Ekonomie, de sozialen Zesummenhalt, Froe vun der Rechtsstaatlechkeet, déi mental Gesondheet an déi sozial a finanziell Ofsécherung vun de Bierger betraff hunn;
- een dëser Erkenntnis Rechnung droe muss, andeems een de Conseil scientifique méi breet opstellt, fir esou e méi komplett Bild iwwert déi uewen opgezielten Auswierkunge vun de Covid-Mesuren op eis Gesellschaft ze kréien;

fuerdert d'Regierung op,

1. de Conseil scientifique méi breet opzestellen, zum Beispill mat interesséierte Spezialiste mat dësen akademesche Formatiounen oder mat dësem berufflechen Hannergrond:

    - Hausdokteren, Psychiateren a Psychologen,
    - Ekonomisten a Statistiker,
    - Juristen, Ethiker a Philosophen, Vertrieder vun der Mënscherechtskommissioun,
    - Spezialisten an der Sozialpolitik a Sozialpartner,
    - Vertrieder vun de Spideeler, de Gesondheetsberuffer an de Patientevertriedungen,
    - Kommunikatiounsspezialisten, Aktiviste fir d'Fräiheet vun de Medien,
    - Leit mat nach aneren techneschen a wëssenschaftleche Qualifikatiounen, déi d'Regierung an der Covid-Thematik wëlle beroden,

2. dem Conseil scientifique e kloren Aarbechtskader ze ginn, deen esou wuel kontrovers ëffentlech Debatten erméiglecht, wéi och d'Redaktioun an d'Publikatioun vun „Avis minoritaires" zouléisst;

3. dem Conseil scientifique kloer deontologesch Reegelen ze ginn, inklusiv "conditions d'honorabilité et d'indépendance". Dozou gehéieren, ënnert anerem,:

   - eng ekonomesch Onofhängegkeet vun Interessegruppen, wéi z.B. der Pharmaindustrie;
   - eng allgemeng unerkannte Qualifikatioun vu senge wëssenschaftleche Memberen, inklusiv engem "Cursus scientifique", dee reell an aktuell ass, mat Publikatiounen, Etuden, Recherchen,asw.;
   - eng glafwierdeg parteipolitesch Neutralitéit.

Jeff Engelen